



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 20. novembre 2020
Réf. QP-81/20

REÇU
Par Alf Christian, 15:24, 20/11/2020

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°3025 du 22 octobre 2020 de l'honorable Députée Nancy Arendt

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON



Äntwert vun der Madame Ministesch Sam Tanson op parlamentaresch Ufro n°3025
vum honorabelen Deputéierten Nancy Arendt

1. **Wéi bewäert d'Madamm Ministesch dëse Virstouss vun hirer däitscher Homologin?**
2. **Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass een net och zu Lëtzebuerg de gesetzleche Kader misst adaptéieren fir méi adäquat Strofbestëmmungen anzeféieren, respektiv d'Strofverfolgung méi effikass ze gestalten?**
3. **A wéi fern wäichen déi ugeduechten nei däitsch Strofbestëmmungen vun eisen aktuelle Strofbestëmmungen of?**
4. **A wéi enge Fäll hunn eis Ermittlungsautoritéiten d'Méiglechkeet, Kommunikatiounskanäl, wéi Whatsapp an änlecher, „ofzelauschteren“?**
5. **Sinn d'Ermittlungsautoritéiten, vum technesche Standpunkt hir, gutt genuch opgestallt fir sou Strofdoten effikass ze poursuivéieren?**

Mir begréissen d'Initiative vun onsen däitschen Kolleegen fir dem Phenomen entgéint ze wirken. De Justizministère ass natierlech och beméit fir seng Legislatioun der Aktualitéit unzepassen fir déi effektiv Strofverfolgung ze garantéieren, dat en vue vun den rezenten Entwécklungen am Domaine. Mir sinn hei am gaang eng Analyse vun der Situatioun ze maachen.

Den Artikel 383 vum Code Pénal bestrooft d'Produktioun, den Transport souwéi d'Verbreedung vu kannerpornografeschen Material mat enger Prisongsstrof vun engem Mount bis dréi Joer souwéi enger Geldstrof vun 251 bis 50.000€, wann dat Material un e Mannerjärege kéint gelaangen.

Des weideren gesäit den Artikel 384 vum Code Pénal eng Prisongsstrof vun engem Mount bis dréi Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 50.000€ fir, fir deen deen kannerpornografescht Material vun Mannerjärege besetzt oder e Schreiwes, Gedrécktenes, Biller, Fotografien, Filmer oder all anert Material wat e Mannerjärege ofbild consultéiert huet.

Et ass net méiglech, weder direkt nach indirekt, den Inhalt vu Whatsapp ofzelauschteren well d'Inhalter vun dem Kommunikatiounsmëttel verschlüsselt sinn.



Zudeem sief vermierkt dass “d’enquête sous pseudonyme par voie électronique” sech op Verstéiss géint Staatsécherheet (Art. 101 bis 123 vum Code Pénal) an Akten vun Terrorismus an Finanzement vun Terrorismus (Art. 135-1 bis 135-6, 135-9 an 135-11 bis 135-16) limitéiert an bezitt sech domat net op kannerpornografesch a sexuell Infraktiounen.

Ofgesinn vun den techneschen Defien déi sech an dem Domaine stëllen, sinn d’Police a Justizautoritéiten stehts beméit effikass ze ermëttelen fir d’Strofdoten opzedecken. Fir weider Detailer, gëtt op de Äntwert 3 vun der parlamentaresch Ufro n°2401 verwisen.